ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Däitschland huet beschloss, eng Maut anzeféieren, déi och fir auslännesch Autoen, Motorrieder a Campingsbusse gëllt. Déi däitsch Automobiliste ginn, op déi eng an déi aner Manéier, vun dëser Maut verschount, andeems si manner "KFZ-Steuer" bezuelen.

Éisträich huet virun e puer Deeg beschloss, géint dës Maut beim europäesche Geriichtshaff ze kloen, an Holland huet ugekënnegt, sech dëser Klo unzeschléissen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen dës Froe stellen:

1) *Deelt den Här Minister d'Meenung vun Éisträich an Holland, datt déi däitsch PKW-Maut eng Diskriminatioun géintiwwer dem europäesche Bierger duerstellt?*

2) *Ass d'Lëtzebuerger Regierung bereet, sech der Klo vun Éisträich unzeschléissen?*

3) *Sollt d'Maut effektiv an Däitschland agefouert ginn, gesäit d'Lëtzebuerger Regierung dann d'Reciprocitéit vir, z.B. andeems Lëtzebuerg eng Maut fir däitsch respektiv all auslännesch Gefierer aféiert, oder mat Däitschland verhandelt am Sënn datt mat eiser Vignette déi däitsch Maut bezuelt ass?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen

Deputéierten